7 COMMUNAUTÉ SCOLAIRE

SITE LIMPERTSBERG

FEMMES DE CHARGE

4ème rangée de gauche à droite :
Oprea Madalina, Lopes Ramalho Katia, Bozic Vesna, Nascimento Miriane

3ème rangée de gauche à droite :
Bozic Daliborka, Wampach Samantha, Dias Semelhe Gloria, Valente Manuela, Da Costa Augusta

2ème rangée de gauche à droite :
Bourquel Sonia, Sa Valente Joana, Pinto Karin, Antunes Cristina, Rocha Queila

1ère rangée de gauche à droite :
Da Silva Andreia, Da Costa Emilia, Babajic Mersida, Timoteo Maria, Liégeois Christelle, Gomis Marcelle

Absentes sur la photo :
Da Silva Judite, Dos Santos Vitorino Dina, Ismaili Anna, Curzi Tania, Ankouz Sadiaa

APELTAM

De gauche à droite :
Mesquita Monique, Reischl Heike, Leners Armand, Kremer Josiane, Gomes Paula, Muller Corinne, Flammang Jean - Claude, Da Mota Paulo

Absent sur la photo :
Blei Pascal

SITE DOMMELDANGE

RESTAURANT SCOLAIRE

De gauche à droite :
Djangou Patrice, Spengler Sandra, Drant Stéphane, Borges Suzette, Debay Jean Pierre, Delgado Sueli

En bas :
Robalo Annabella

SITE LIMPERTSBERG

RESTAURANT SCOLAIRE

2ème rangée de gauche à droite :
Bouazza Cedric, Savoca Quentin, Rodrigues Sébastien, Varoquier Damien, Lack Adrien, Bortrand Steven

1ère rangée de gauche à droite :
Lopes Cristina, Pontes Claudia, Renaudin Denise, Teston Chantal, Barbosa Angelica, Araujo Anisia

SITE DOMMELDANGE

SERVICE TECHNIQUE

De gauche à droite :
Sand Jeff, Buttel Marc, Menster Jeff, Gilbertz Roland, Thimmesch Steve, Muller Jill, Demontis David

SITE LIMPERTSBERG

SERVICE TECHNIQUE

3ème rangée de gauche à droite :
Zeien Steve, Knoch Francis (service informatique), Kass Carlo

2ème rangée de gauche à droite :
Schortgen Guy, Pasciolla Paulo, Lehnen Pascal, Marques Victor (service informatique)

1ère rangée de gauche à droite :
Neuberg Nico, Spielmann Lars, Zimmer Angèle

Absent sur la photo :
Schneider Joël (service informatique)

SITE DOMMELDANGE

SERVICE SOCIO-ÉDUCATIF

2ème rangée de gauche à droite :
Alves Daniel, Lambert Christophe

1ère rangée de gauche à droite :
Vevra Nusret , Kuijpers Nathalie

Absents sur la photo :
Elsen Célia, Roeder Ben, Feiereisen Laurent

SITE LIMPERTSBERG

SERVICE SOCIO-ÉDUCATIF ET BIBLIOTHÈQUE

De gauche à droite :
Dentzer Patrick, Closener Cherryl, Peters Lynn, Casoli Nadia



SITE DOMMELDANGE

ASSISTANTS PÉDAGOGIQUES

De gauche à droite :
Gomes Da Silva Henrique, Murthy Achal, Won Chung Jong, Kirchen Gil

SITE LIMPERTSBERG

ASSISTANTS PÉDAGOGIQUES

De gauche à droite :
Barbelen Max, Cloos Corinne, Camic Adnan, Gabriel Carlos, Reuter Julie

Absent sur la photo :
Mendes Mario

COMITÉ DES ÉLÈVES

2ème rangée de gauche à droite :
Weiss Melvin (6G11), Stacewicz Filip (6G11), Leners Kimon (3GIG2), Smolenskiy Semen (5G2), Feidt Luca (3GIG2), Weber Max (1TPEE), Liotino Loïc (5G2)

1ère rangée de gauche à droite :
Busato Luca (4TPIF2), Keiffer Nicolas (2GIG1), Mulahusic Belma (2GAR2), Casoli Nadia (accompagnatrice), Reckinger Ryck (3TPET), Muric Nermin (3TPET), Veiga Dany (4GSN)

Absent sur la photo :
Feiereisen Laurent (accompagnateur)

COMITÉ DE LA CONFÉRENCE DU LYCÉE

2ème rangée de gauche à droite :
Schaetzel Serge, Hermes Tom, Everling Gilles

1ère rangée de gauche à droite :
Gregorius Dean, Mootz Marc, Rollmann Myriam, Knepper Danielle

Absent sur la photo :
Calmus Patrick

CELLULE D'ORIENTATION

2ème rangée de gauche à droite :
Gierens James, Elsen Sam, Peters Lynn, Olinger Tom, Bodson Claude

1ère rangée de gauche à droite :
Alves Daniel, Schmitz Nadine, Lanners Nicole, Wietor Chantal, Küntzinger Christine

Absentes sur la photo :
Elsen Célia, Welter Myriam

SITES DOMMELDANGE ET LIMPERTSBERG

SEPAS

2ème rangée de gauche à droite :
Glodé Nadine, Schumacher Martine, Wietor Chantal, Hilger Céline, Karpen Anne

1ère rangée de gauche à droite :
Welter Myriam, Maas Laura, Felten Michèle, Conzemius Marie, Koenig Cheryl, Küntzinger Christine

SITE LIMPERTSBERG

ADETA

ASSOCIATION POUR LE DÉVELOPPEMENT DE L'ENSEIGNEMENT TECHNIQUE ET ARTISTIQUE

2ème rangée de gauche à droite :
Wegener Marc, Wengler Yves, Everling Gilles

1ère rangée de gauche à droite :
Bohler Nora, Sibenaler Claude, Mancini Doris, Tobias Eric

Absent sur la photo :
Schaack Gilles

SITE DOMMELDANGE

PSIDO

PERSONNEL DU SITE DOMMELDANGE

De gauche à droite :
Knepper Danielle, Bussotto Melissa, Reinartz David, Fonck Guy, Welter Camille, Breuer Jacqueline

Absents sur la photo :
Lett Laurent, Losch Lynn

PA'I PUKU

2ème rangée de gauche à droite :
Mathias Carole, Kreins Paul, Kalmes Françoise, Gerges Jeannot

1ère rangée de gauche à droite :
Rischette Françoise, Valdez Hector, Britez Felicia, Schock - Schmitz Uschi, Gremling Marie - Louise

ALLEMAND

2ème rangée de gauche à droite :
Jehle Christine, Schroeder Françoise, Wintersdorff Bob, Sales Lynn, Bentz Yasmin, Klopp Sylvie

1ère rangée de gauche à droite :
Schulte Annette, Hermes Sharon, Bohler Nora, Hahm Sabrina

Absents sur la photo :
Thull Olivier, Marxen Laura, Bentner Valentine , Staus Liliane

ANGLAIS

3ème rangée de gauche à droite :
Gieres Michel, Bebing Christian, Thill Marylise, Goergen Mike, Vromen Marie - Louise

2ème rangée de gauche à droite :
Paulus Joe, Ludovicy Christian, Bintener Stéphanie, Faust Fabienne

1ère rangée de gauche à droite :
Neiens Sandy, Heuskin Kim, Mathias Carole, Vogt Elisabeth, Schank Jenny

Absente sur la photo :
Losch Lynn

FRANÇAIS ET LATIN

3ème rangée de gauche à droite :
Bussotto Melissa, Knepper Danielle, Pleimling Christiane, Pinto Sandra

2ème rangée de gauche à droite :
Lamberty Anne, Biel Véronique, Keilen Lydia, Junqueira Gomes Sara, Degano Manuela, Lorang Ila

1ère rangée de gauche à droite :
Thill Claudine, Faltz Laurence, Sava Ioana, Pasciolla Pascal, Junck Isabelle, Gillen Carmen

Absentes sur la photo :
Curzietti Pauline, Duarte Véra, Ensch Monette, Raus Tonia, Walté Jessica

MATHÉMATIQUES

2ème rangée de gauche à droite :
Zagradjanin Snezana, Mergen Claude, Gengler Anne, Medernach Céline, Neyen Daniel, Scholtes Myriam

1ère rangée de gauche à droite :
Diederich Laure, Krieps Michel, Lentz Angelo, Bellot Gilles, Gremling Marie - Louise

Absents sur la photo :
Didelot Arnaud, Feyereisen Charles, Schaetzel Serge, Kintgen Carlo, Strauss Pascale

INFORMATIQUE

3ème rangée de gauche à droite :
Loesch Guy, Boudot Christian, Kirsch Laurent, Schmit Camille, Everling Gilles, Greenwood Alexander, Bodson Claude

2ème rangée de gauche à droite :
Scholtes Chris, Scarpellini Ivan, Faber Frédéric, Beissel Simone, Waringo Jean - Claude, Leal Micael, Niel Jean - Loïc

1ère rangée de gauche à droite :
Krier Ben, Sibenaler Claude, Fisch Robert, Tobias Eric, Osweiler Ronny, Weber René

Absent sur la photo :
Schmitz Tom

PHYSIQUE

De gauche à droite :
Kneip Raymond, Scheller Marc, Gomes Valente Cecilia, Schaefer Cynthia

Absent sur la photo :
Lenert Christophe

CHIMIE

De gauche à droite :
Hoffmann Sam, Kohnen Gilles, Steffen Martine, Laevaert Ine

Absent sur la photo :
Mossong Jean - Paul

GÉOGRAPHIE

De gauche à droite :
Kohn Jean - Christophe, Rischette Françoise, Jaas Tom



BIOLOGIE

De gauche à droite :
Welter Camille, Molitor Francine, Kuhn Anne - Marie, Bastien Géraldine, Saraiva Sousa Daniela, Wolf Gérard

Absent sur la photo :
Bernardin Luc

ÉDUCATION PHYSIQUE

2ème rangée de gauche à droite :
Schirtz - Lamborelle Flore, Reuland Kim, Saska Oliver, Ibendahl Michael, Kremer Gilles, Fonck Guy

1ère rangée de gauche à droite :
Steffen Jeff, Schmal Roy, Kieffer Jacques, Kirpach Patrick, Ludovicy Monique

Absent sur la photo :
Lett Laurent

HISTOIRE, CONNAISSANCE DU MONDE, ÉDUCATION À LA CITOYENNETÉ

2ème rangée de gauche à droite :
Feider Patricia, Ruppert Marc, Faber Felix, Schmit Guy

1ère rangée de gauche à droite :
Schmit Carole, Schaefers Christine, Nunes Coelho Patrick, Braas Pierre

Absents sur la photo :
Scheuer Pierre, Schmitz Nadine

MÉCANIQUE, BOIS, MÉTAL

3ème rangée de gauche à droite :
Bernard Thierry, Cornelius Philippe, Strecker Erny, Eiffener Daniel, Thill Robert, Grisse Joseph, Gloesener Georges, Hardt Paul

2ème rangée de gauche à droite :
Weiz Michel, Weber Claude, Zeimes Jean - Jacques, Hansen Germain, Kiesgen Marco, Goeres Rodolphe

1ère rangée de gauche à droite :
Elsen Sam, Calmus Patrick , Mathieu Mike , Majeres Pol, Brauch Damien

Absents sur la photo :
Georges Tommy, Heinen Gilles, Hellers Paul, Jacoby Gérard

ARTISTIQUE

3ème rangée de gauche à droite :
Touffet Philippe, Frising Marc, Wies Carlo, Hilger Danièle, Pundel Andrée, Ahlborn Françoise, Diederich Anne

2ème rangée de gauche à droite :
Reuter Elisabeth, Ernster Claude, Breuer Jacqueline, Leifgen Christophe, Welter Béatrice, Willems Danielle, Ripp Patrick

1ère rangée de gauche à droite :
Klein Yvan, Kohl Nadine, Prum Dany, Lutz Isabelle, Kilburg Ralph, Grisse Marianne, Tomassini Joseph

ARTISTIQUE

2ème rangée de gauche à droite :
Benassutti Serge, Harsch Danielle, Jans Michèle, Gregorius Dean, Koos Olivier, Legill Christiane

1ère rangée de gauche à droite :
Schroeder Anne, Lanners Nicole, Greisen Elisabeth, Flick Tom, Rollmann Myriam

Absents sur les photos :
Bossers Yolande, Flies Jean - Paul, Frantzen Christian, Gardula Gilles, Glas Jan, Hellers Paul, Kockelkorn René, Kremer Caroline, Melin Rosario, Putz Patrice, Schaack Christian, Schortgen Martin, Strainchamps Armand, Vico Rodriguez José Manuel, Wagner Cheryl, Wagner Danielle, Winandy Pol

ÉLECTROTECHNIQUE

3ème rangée de gauche à droite :
Bastin Guy, Mentz David, Mootz Marc, Martin Mike, Schwarz André, Weiler Guy, Bruls Etienne, Faber Marc

2ème rangée de gauche à droite :
Mancini Doris, Gavazzi Gary, Schauls Dean, Busack Marco, Bonert Jules, Daubenfeld Jean, Stümper Jean-Joseph, Urbany Guy, Morth Luc, Djomou Tchumo Isaac

1ère rangée de gauche à droite :
Poos Pierre, Zawidzki Mike, Wegener Marc, Kopf Thomas, Bor Nicolas, Skiba Wieslaw

Absents sur la photo :
De Kroon Guy, Havé Patrick, Jacobs Jerry, Matos Marco, Ollinger Marc, Schmit Camille, Wengler Yves, Wolmering Claude

RÉGIME PRÉPARATOIRE

3ème rangée de gauche à droite :
Lepesant Jacques, Blanc Michel, Olinger Tom, Schwamberger Isabelle, Rausch Anna, Jarbot Carole, Berend Carole

2ème rangée de gauche à droite :
Demuth Dan, Consbruck Lou, Vandivinit Boris, Brisbois Joe, Schuler Claire, Reinartz David, Gierens James, Damjanovic Alexander

1ère rangée de gauche à droite :
Wagner Irène, Genson Muriel, Holbach Martine, Barthelmé Paul, Schaul Patrick, Baus Ben

Absents sur la photo :
Gloden Maryse, Leger Liette, Miesch Nicole

VIE ET SOCIÉTÉ, COMMUNICATION

De gauche à droite :
Rambaud Pascal, Hermes Tom

Absente sur la photo :
Wetz Françoise

SITE DOMMELDANGE

SECRÉTARIAT ET BIBLIOTHÈQUE

De gauche à droite :
Gottschalk Sandy (bibliothécaire), Valleriani Claudia, Scombussolo Dario, Turinetti Sandra, Thiry Anne - Marie

Absente sur la photo :
Muller Martine

SITE LIMPERTSBERG

SECRÉTARIAT

De gauche à droite :
Schloesser Charles, Seil Sabrina, Federspiel Martine, Ponciano Lucilia, Reding Sylvie, Schmitz Michèle

DIRECTION ET ATTACHÉS À LA DIRECTION

De gauche à droite :
Fisch Robert, Reinartz David, Greisch Jean - Paul, Schaack Gilles, Weber Claude, Heuskin Kim, Lauth Gilbert, Becca Laure, Roth Fabrice, Blanc Michel, Scheller Marc

HÄR FABRICE ROTH - NEIEN DIREKTER VUM LYCÉE DES ARTS ET MÉTIERS

Déi lescht Rentrée huet net nëmme fir d'ganz Schoul, mee besonnesch fir den Här Fabrice Roth perséinlech eng grouss Veränderung mat sech bruecht. No engem Joer als Attaché à la direction ass hien am September 2018 den Nofolger vun der Madamm Véronique Schaber ginn, an huet de Poste vum Direkter vum Lycée des Arts et Métiers iwwerholl.

Dem Här Roth säi professionelle Parcours huet ganz ënnerschiddlech Facetten. Sou huet hien no sengem ofgeschlossenen Informatikstudium zu Oochen, fënnef Joer op dem Statec als Informatiker geschafft a war hei ënner anerem responsabel fir d'informatescht Plangen an Ëmsetze vun der Vollekszielung am Joer 2000. Zudeem huet hie Formatiounen um INAP an intern bei der Statec ënnerriicht. Obschonn den Här Roth seng Aarbecht um Statec ganz gär gemaach huet, ass et dunn awer Zäit ginn, fir eng nei Erausfuerderung an den Här Roth huet sech fir den Enseignement entscheet. Hien huet de Concours an de Stage pédagogique erfollegräich am Lycée des Arts et Métiers ofgeschloss a gouf och hei als Informatiksprofessor nominéiert. Eis Schoul ass fir den Här Roth also keen onbekannten Terrain, hien huet insgesamt 13 Joer ënnerriicht, ier hien de Wee Richtung Direktioun ageschloen huet.

Den Här Fabrice Roth war och maassgeeblech bedeelegt um Opbau vun de BTS-Klassen am Lycée des Arts et Métiers. Virun 9 Joer war et – an Zesummenaarbecht mam Här Marc Schmit a spéiderhi mam Här Robert Fisch – ob seng Initiativ, déi de BTS Informatique bei eis etabléiert huet. Zesummen hu si dës Formatioun opgebaut, de Lien zum Marché hiergestallt, de Rekrutement vun de Studenten duerchgefouert an den Här Roth war soumat jorelaang de Coordinateur vum BTS Informatique. Dëst war natierlech nëmmen den Ufank, mëttlerweil sinn eng Réi weider BTS-Formatiounen dobäi komm an den Här Roth huet d'Aarbecht vum Coordinateur vum BTS Informatique ganz un den Här Fisch ofginn. Des Weidere war den Här Roth ganz laang Sekretär vun der Programmkommissioun a war an der Formation professionnelle täteg, wou hien am Groupe Curriculäre als Sekretär un de Programmer vun der Informatik matgeschafft huet.

Am Schouljoer 2017-2018 gouf den Här Fabrice Roth dunn Attaché à la direction ënnert der deemoleger Directrice, der Madamm Véronique Schaber an huet sech ënner anerem ëm d'eFormation an de Projet FutureHub am Lycée des Arts et Métiers gekëmmert. Zu dësem Zäitpunkt huet den Här Roth och nach selwer Couren um BTS gehalen an huet gehollef, d'BTS-Formatiounen Game Programming and Game Design, Game Art and Game Design, an Internet of Things opzebauen.

D'Entscheedung fir seng Kandidatur ze stellen, huet den Här Roth dunn aus ënnerschiddleche Grënn getraff. Zum engen huet hie sech ëmmer méi fir d'Entwécklung vun der Schoul interesséiert. Zum anere läit him grad de Lycée des Arts et Métiers immens um Häerz an et ass dem Här Roth wichteg, souwuel den technesche wéi de soziale Volet vun der Schoul weider ze entwéckelen. Hie betount awer och, dass seng Famill eng wichteg Roll a senger Decisioun gespillt huet an déi Entscheedung, Direkter ze ginn, vun hinnen all zesumme getraff gouf an hien dës Aarbecht ouni de Réckhalt vu senger Fra a senge Kanner net maache kéint.

Déi nei Aarbecht bréngt all Dag nei Erausfuerderungen, mee och vill Ofwiesslung. Sou muss hie villen Terminer, souwuel extern wéi intern, nokommen, an administrativ Aarbechten, de Management vu Projeten an natierlech vum Schoulpersonal iwwerhuelen. Am Mëttelpunkt steet fir hien och d'gemeinsamt Schaffen un der Visioun, a wéi eng Richtung d'Schoul sech soll entwéckelen. No bal engem Joer um neie Posten hält den Här Roth fest, dass et am Ufank sécherlech immens vill an ongewinnten Aarbecht war, dës awer grad duerch d'Ënnerstëtzung an d'Erfarung vun deenen anere Memberen aus der Direktioun erliichtert gouf. Säin neie Rôle huet den Här Roth vill duerch learning by doing fonnt an et war am Ufank bestëmmt net ëmmer einfach, all den Erwaardunge vun de Leit gerecht ze ginn. Grad well d'Aarbecht als Direkter nach relativ nei ass an et fir den Här Roth eng Prioritéit ass, dass d'Mataarbechter an der Schoul solle kënne gelauschtert ginn, ass et him wichteg, dass seng Dier jidderengem fir Ureegungen, Iddien an awer och konstruktiv Remarken oppsteet. Déi gréissten Erausfuerderung gesäit den Här Fabrice Roth doran, dass d'Schoul an d'Gesellschaft sech an engem technologeschen a sozialen Ëmbroch befannen an et d'Aufgab vun der Schoul ass, souwuel d'Schüler ewéi och d'Mataarbechter op dee Wandel virzebereeden. Allerdéngs handelt et sech hei ëm e Prozess deen déi ganz Schoulcommunautéit betrëfft an dee sech iwwer Joren zitt. Wichteg ass dobäi och, dass kee Member vun der communauté scolaire op der Streck bleift a sech verléiert. D'psychesch a physesch Gesondheet vun de Leit steet heibäi un éischter Stell an et muss gekuckt ginn, dass d'Leit weiderhi gär an d'Schoul kommen, sief et fir ze schaffen oder ze léieren. D'Schoul dierf net krank maachen an et muss no Méiglechkeete gekuckt ginn, dass d'Leit sech wuel spieren a gesond bleiwen.

Des Weidere sollen déi schwaach Schüler besser ënnerstëtzt an déi staark Schüler adequat gefuerdert ginn, dëst mat Hëllef vun neien an alternative Methoden, woubäi den Här Roth awer betount, dass dat net heescht, dass alles digitaliséiert wäert ginn. Am Géigendeel, nei Technologië sollen do agesat ginn, wou se Sënn maachen an et muss een e gesonde Mëttelwee fannen tëscht moderner Technologie a Methoden, déi sech iwwer Jore bewäert hunn.

Wichteg Themen, déi an Zukunft hiren Anzuch an d'Gesellschaft an an d'Schoul wäerte fannen, sinn zum Beispill d'Chancen a Gefore vun der Kënstlecher Intelligenz. Sou sollen d'Schüler sech ënner anerem mat der Ethik vun dëse gesellschaftleche Fortschrëtter auserneesetzen a souwuel d'Notze wéi d'Problemer heivun erkennen. E weideren Aspekt, dee méi gefuerdert soll ginn, ass d'Interdisziplinaritéit. Sou soll dee strenge schoulesche Kader opgelockert ginn an déi perséinlech Entwécklung vun all Schüler an de Virdergrond réckelen.

Op d'Fro no besonnesch positiven Erënnerungen am Lycée des Arts et Métiers, falen dem Här Roth ganz vill schéi Momenter an: de Volleyball mat der Schoulequipe, seng Stagezäit sou wéi allgemeng d'Ambiance an Zesummenaarbecht tëscht de Kollegen – am Arts et Métiers fillt ee sech ni eleng an et fënnt een ëmmer Hëllef. Privat verbréngt den Här Fabrice Roth seng Zäit am léifste mat senger Famill a probéiert, reegelméisseg Sport ze maachen.

Mir wënschen dem Här Roth weiderhin alles Guddes, vill Courage, Duerchhalverméigen a Motivatioun fir d'Zukunft.

■ Françoise SCHROEDER

MADAMM VÉRONIQUE SCHABER ENG RETROSPEKTIV

No bal zéng Joer als Directrice vum Lycée des Arts et Métiers huet am Oktober 2018 eng nei Etapp am Liewe vun der Madamm Véronique Schaber ugefaangen : Si huet de Poste vun der Directrice vum Service de la Formation Professionnelle um Ministère de l'Education nationale et de la Jeunesse iwwerholl.

D'Madamm Schaber bléckt op eng laang an ofwiesslungsräich Carrière am Enseignement zeréck. No hirer Première am Lycée de Garçons de Luxembourg huet si als éischt um deemolege Centre Universitaire an dono zu Paräis an zu Stroossbuerg Geschicht studéiert, wou si och hir Maîtrise gemaach huet. Duerno huet d'Madamm Schaber als Chargée d'éducation am Lycée Technique Privé Emile Metz geschafft, ier si als Stagiairin an de Lycée Technique des Arts et Métiers an an de Lycée Michel Rodange komm ass. No hirer Stage-Zäit gouf si an de Lycée Technique d'Ettelbruck nominéiert an huet do 9 Joer ënnerriicht.

1999 ass si dun an de Lycée des Arts et Métiers zeréckkomm an huet d'7ème Adapt iwwerholl, dëst net nëmmen am Fach Geschicht, mee och am Franséischen, an der Geographie an als Regente. Sou koum et, dass si vun Ufank un en enke Kontakt mat de Schüler an och mat den Elteren hat, si war Member vum pedagogesche Projet « Forum fir e gesonde Schoulklima » a war bei der Aféierung vum Tutorat am Cycle inférieur bedeelegt.

Am Joer 2003 ass d'Madamm Schaber dunn, ënnert der Direktioun vum Här Norbert Jacobs, Attachée à la direction ginn, dräi Joer méi spéit Directrice adjointe an 2009 dunn Directrice vum Lycée des Arts et Métiers. Wat genau si zu deem Schrëtt beweegt huet, war de Wonsch no neien Erausfuerderungen an Ofwiesslung. Den neie Posten huet eng Parti Challenge mat sech bruecht, net nëmme war mat der Madamm Schaber eng Geeschteswëssenschaftlerin Direktesch an enger technescher Schoul, si war och déi éischt Fra op dësem Posten an ass vu ville Leit mat Skepsis betruecht ginn, ëmmerhin hat den Här Jacobs no 20 Joer als Direkter e groussen Heritage hannerlooss an déi Foussstapfen hu misse gefëllt ginn. Dëst ass der Madamm Schaber an hirer Zäit als Direktesch awer gutt gelongen. Hir Haaptfunktioun huet si dora gesinn, de Schüler, Elteren an Enseignanten nozelauschteren an ze hëllefen.

D'Offre scolaire gouf an deene Jore vergréissert an et gouf ëmmer méi an Equippen zesummegeschafft. D'Madamm Schaber betount och, dass d'Aarbecht mat deenen anere Membere vun der Direktioun ëmmer immens flott a beräicherend war. De Lycée des Arts et Métiers huet weiderhi gutt Resultater erziilt, war beléift bei de Schüler a stoung weiderhi fir eng qualitativ Ausbildung, déi progressiv a modern war, ouni dobäi seng traditionell Wäerter aus den Aen ze verléieren.

D'Missioun vun der Schoul läit och haut, sou d'Madamm Schaber, doran, d'Schüler op der enger Säit adequat schoulesch, mee och zu wäertvolle Mënschen auszebilden, déi sech engagéieren an Deel vun der Gesellschaft ginn. Dëst ass hautdesdaags net ëmmer einfach, well d'Schoul à contresens schafft: Effort an Engagement sinn net rapid oder schnellliewegg, mee brauchen Ausdauer an Zäit, woubäi d'Liewen dobaussen an der Gesellschaft geprägt ass duerch Kuerzliewegkeet an Divertissement – e groussen Challenge fir d'Schüler vun haut.

Sou betount d'Madamm Schaber och, dass d'Schoul sech un déi rapid changéierend an digitaliséiert Gesellschaft upasse muss, fir d'Schüler deementspriechend op d'Demande vum aktuellen Aarbechtsmarché virzebereeden. D'Schüler vun haut wuesse mat den neien Technologien op an et ass wichteg, hinnen de korrekten a sënnvollen Ëmgang domat ze vermëttelen, woubäi dës en Outil solle sinn an net als Selbstzweck fungéieren.

Dass d'Madamm Schaber hire Posten als Directrice 2018 un den Nol gehaangen huet, war sécherlech keng einfach Decisioun. Allerdéngs war et hir wichteg, d'Schoul dann ze verloossen, wann alles gutt géing lafen: d'Fusioun vum Site Dummeldeng an dem Site Lampertsbierg huet gutt geklappt, d'Sektioun I am Régime Classique war etabléiert, sou och verschidde BTSen an en drëtte Site. Dobäi koum d'Tatsaach, dass um neie Posten eng Persoun vum Terrain, déi d'Schoul a virun allem d'Formation professionnelle kennt, gebraucht gouf. Et war deemno e gudden Zäitpunkt, fir eng nei Etapp an Erausfuerderung.

Den neien Alldag ass natierlech anescht wéi deen an der Schoul: vill Reuniounen, vill Visitten a Rendezvousen ausserhalb vum Büro, vill Verhandlungen a Gespréicher bestëmmen den Aarbechtsalldag vun der Madamm Schaber. Et geet drëm, fir d'Qualitéit vun der Formation professionnelle ze suergen, de Lien tëscht Entreprisen, der Schoul, dem Aarbechtsmarché an der Chamber ze kräftegen an och d'Formation professionnelle continue weider unzedreiwen.

Un hir Zäit am Lycée des Arts et Métiers denkt d'Madamm Schaber awer ganz gären zeréck, si hätt immens vill schéi Souveniren, woubäi besonnesch d'Aarbechtskollegen, d'Schüler an déi gutt Ambiance an Erënnerung bleiwen. Déi ganz Communauté scolaire vum Lycée des Arts et Métiers seet der Madamm Schaber Merci fir hiert grousst Engagement, hiert oppent Ouer, hiert Versteesdemech an hiren Asaz als Professorin, Direktesch an Aarbechtskollegin. Mir wënschen hir alles Guddes a vill Freed op hirem neie Wee.

■ Françoise SCHROEDER

INTERVIEW MAM HÄR CLAUDE WEBER

Kéints du eis eppes iwwert deng Schoul- a Studienzäit erzielen?

No menger Première B am lechternacher Lycée sinn ech op Lausanne op d'EPFL gaangen, fir Ingenieur an der Mécanique ze studéieren. Dat ware ganz schéi Joren, well net nëmmen d'Schoul flott an interessant war, mee och D'Géigend ronderëm de Lac Leman an d'Schwäizer Bierger fir genuch Ofwiesslung gesuergt hunn. Deemno war Skifueren, Parapente, Sonn a Séi vill um Programm.

Wei gesäit däi Parcours professionel aus? Wat hues du geschafft, iers du an den Arts et Métiers komm bass (falls du iergendwou anescht geschafft hues)?

No menger Uni sinn ech direkt an eng mëttelgrouss Firma am Beräich Heizung a Sanitär zu Lëtzebuerg schaffe gaangen. Do hunn ech souwuel beim technesche Plange wéi och an der Gestioun a besonnesch bei der Analys vu Projete kënnen Aarbechte maachen.
Ech hunn esou ganz vill bäigeléiert, besonnesch wat d'Gestioun an de Fonctionnement vun engem Betrib ugeet. Vun deem Wësse profitéieren ech haut nach ëmmer. Enn 1997 hunn ech dunn den Examen gemaach, fir am Januar 1998 am Arts et Métiers mam Stage unzefänken. Obwuel ech säit mengem Ufank am Arts et Métiers vill Jore bal ausschliisslech fir de Centre de gestion informatique de l'éducation geschafft hunn, esou war ech dem Lycée ëmmer staark verbonnen a si jo och elo erëm méi aktiv hei.

Woura bestinn deng momentan Aufgaben am Lycée des Arts et Métiers?

Säit der Rentrée 2018-2019 sinn ech de gréissten Deel vu menger Zäit als Attaché à la Direktioun täteg. Dëst ass eng nei Aarbecht fir mech, déi ech awer an enger immens flotter Equipe ganz gär maachen. Dat gëtt mer e neien Ableck an d'Gestioun vun eiser Schoul.

Et erlaabt mer awer och, konstruktiv d'Schoul-entwécklung mat ze gestalten. Doniewent hunn ech och d'Chance, de Projet d'établissement vum Arts et Métiers ze leeden. An da bleiwen nach e puer Stonnen, wou ech op der 1ère Mécanique Schoul halen. Eppes, wat mer och ganz wichteg ass.

Wat läit dir an dengen Aufgabe besonnesch um Häerz, woura gesäis du d'Schwéierpunkten, vläicht och d'Herausfuerderungen?

A menger Aarbecht an der Direktioun hunn ech d'Chance, e Bäitrag zur Schoulentwécklung ze leeschten, an d'Zukunft vum Arts et Métiers mat ze gestalten. Ech sinn definitiv en techneschen a pädagogeschen Mënsch.
Et läit mer awer besonnesch um Häerz, d'Technologie esou an d'Schoul eranzebréngen, dass d'Pädagogik optimal dovu profitéiert. D'Technologie ze verdamen, ass fir mech keng Optioun.
Si ass an der Gesellschaft omnipräsent an et gëllt, se an der Schoul intelligent anzesetzen an d'Léieren, genau sou wéi d'Schoulhaalen, esou ze gestalten, dass jiddereen dovu profitéiert.

Wei stells du dir d'Schoul idealerweis an 10 Joer fir? Wéi enge Problemer wäert d'Schoul sech stelle mussen?

A mengen Ae sti mer virun der gréisster (R-) Evolutioun, déi den Enseignement an de leschten 100 Joer gesinn huet. Dëst ass bedéngt duerch dee ganz grousse gesellschaftleche Wandel, dee mir grad erliewen. Nach ni an eiser Geschicht hu mir esou déifgräifend a schnell Ännerungen an der Gesellschaft gesinn a materlieft. Ee Grond dofir ass natierlech d'Technologie.
Den Arts et Métiers war nach ëmmer e Lycée, dee sech op der Pointe vun der Technologie beweegt huet. Et gëllt jo virop, d'Schoul esou ze gestalten, dass d'Schüler optimal op hiert Liewe virbereet ginn, besonnesch, awer net nëmmen, op dat berufflecht Liewen. An do gesinn

ech e groussen Challenge. Et sinn haut, an an Zukunft wahrscheinlech nach méi, ganz nei Kompetenze gefrot, ech nennen nëmme Flexibilitéit, Kreativitéit oder kritescht Denken. A genau do misst den Arts et Métiers jo déi ideal Viraussetzung hunn, fir et fäerdeg ze bréngen, de Jonken dës nei Kompetenze mat op de Wee ze ginn. Deemno sollte mer zesumme versichen, d'Schoul an der Vermëttlung vun dësen neie wichtege Kompetenze staark ze maachen. Mee do geet d'Aarbecht vun e puer Motivéierten net duer. Dat muss e gemeinsamen Effort gi vun enger Schoulgemeinschaft, déi dovun iwwerzeegt ass.

Wéi eng Projete wëlls du an Zukunft nach ugoen ?

Konkret gesinn ech am Moment de Projet d'établissement, deen ech mat vill Iwwerzeegung a motivéierte Leit kann ugoen. Do gi vill Elementer iwwer de Projet eraus an ech versichen, déi beschtméiglech an eiser Schoul ëmzesetzen an ze verankeren. Do sinn ech natierlech frou iwwer d'Aarbecht an d'Ennerstëtzung an der Direktioun. Ech géif awer och gären an Zukunft nach weider déi Erfarungen, déi ech a laangjärege Projeten um nationalen Niveau an de leschte Jore konnt sammelen, dem Arts et Métiers an och anere Schoulen zu Lëtzebuerg zur Verfügung stellen.

Hues du e schéine Souvenir aus denger Zäit bis elo am Arts et Métiers, deens du mat eis deele kéints ?

Un d'Joren direkt no mengem Stage denken ech ganz gär zréck. Et war eng relativ „dynamesch" Zäit mat ville gudde Momenter, besonnesch och niewent dem normale Schoulhalen. Een do erauszepicken, ass schwéier. Besonnesch awer erauszehiewe sinn déi vill Frëndschaften a Kollegen, déi ech am Arts et Métiers iwwer déi vill Jore fonnt hunn an haut nach fannen.

■ Françoise SCHROEDER

Paulus Aloyse
01.09.2018

Jacoby Gérard
01.01.2019

Da Silva Irène
01.01.2019

Konsbrück Ernest
01.10.2018

Stéphany Jean
01.01.2019

Leger Liette
01.01.2019

RETRAITÉS

SITE CONGRÉGATION

Neuer Standort für die BTS - Klassen des Lycée des Arts et Métiers im Herzen der Stadt Luxemburg

Seit Beginn des Schuljahres 2018 - 2019 haben einige Klassen des BTS ein neues Zuhause gefunden:zu den Räumlichkeiten des Lycée des Arts et Métiers zählt jetzt ein altes Schulgebäude in der Rue de la Congrégation im Herzen der Stadt Luxemburg, neben der 1742 erbauten, gleichnamigen Kirche.

Während einige Fachrichtungen des BTS (Génie Technique, Génie Automatique sowie Informatique) vom Standort Limpertsberg in das städtische Gebäude umgezogen sind, kamen auch drei neue Fachrichtungen dieses Jahr hinzu: Game Programming and Design (unter der Leitung von Boudot Christian), Game Art and Game Design (unter der Leitung von Ahlborn Françoise) sowie Internet of Things (unter der Leitung von Fisch Robert).

Zudem soll der Standort in der kommenden Zeit genutzt werden um Start - Ups und Unternehmen einzuladen, was den Studenten des BTS ermöglichen soll, Einblicke in die einzelnen Betriebe zu erhalten und eventuell Zusammenarbeiten und gemeinsame Projekte ermöglicht. So erarbeiteten die BTS Game Programming and Design und Game Art and Game Design bereits dieses Schuljahr ein Projekt, bei dem sie Brettspiele erstellten. Feedback für ihre Arbeit erhielten sie dabei von zwei professionellen Board - Designern von Ravensburger.

Des Weiteren erfolgte ein interdisziplinares Gruppenprojekt, bei dem die oben genannten BTS - Fachrichtungen ebenfalls beteiligt waren, sowie die Fachrichtungen Internet of Things und Informatik. Hier ging es um den Bau einer Arkadenmaschine, wobei jede Fach - richtung einen Beitrag hinzusteuerte.

Die Arkadenmaschine soll anschließend in der Schulkantine allen Schülern frei zugänglich gemacht werden, wobei man jedoch auf freiwilliger Basis einen finanziellen Beitrag leisten kann, der späterhin für einen guten Zweck gespendet werden soll.

■ Françoise SCHROEDER



PORTE OUVERTE 2019







Mme Francine Closener, secrétaire d'État

Bluesband, Greyhounds 59

REMISE DES DIPLÔMES 2018

REMISE DES PRIX 2018

M. Max Hahn, député

Laetitia Santos Moreira

Mme Kim Heuskin, attachée à la direction

www.ltam.lu/closeup